Kanner Konscht Programm

vum 28. Januar bis den 22. Abrëll 2012

Alleguerten d'Ateliere riichte sech u Kanner vu 6-12 Joer. Minimum 3 / Maximum 12 Kanner pro Atelier.
Umeldung um Telefon (+352) 22 50 45 oder per E-Mail visites@casino-luxembourg.lu.
Participatioun: Samschdesatelier 5 € (gratis mam KKP), Vakanzenatelier 12 € (10 € mam KKP).



d'Nummer 14 gehéiert dem . . . . . .

L.A. Raeven – Ideal Individuals

(vum 28. Januar bis den 22. Abrëll 2012)

L.A. Raeven ass de Kënschtlernumm vun den Zwillingsschwëstere Liesbeth an Angelique Raeven. Si maachen hir Konscht zu zwee, also am Duo. D'Liesbeth an d'Angelique sinn 1971 zu Herleen an Holland gebuer a wunnen a schaffen haut zu Amsterdam, an der Haaptstad vun Holland.
Säit 2001 dréit hir Konscht ronderëm déi ideal Eenzelpersoun, den idealen Individuum. Via Annoncë kontaktéiere si Leit a froen ob déi wëlle bei hire Konschtwierker an deemno och bei hirer Sich nom idealen Individuum matmaachen. An hire Videoen, Zeechnungen a Fotoe fënnt een dës an aner Leit zeréck, mä och d'Zwillingsschwëstere selwer.
Mä komme mir mol zeréck op deen idealen Individuum. Wie kéint dat sinn? Wéi sollt deen ausgesinn? Wat misst deen alles kënnen? Hues du eng Iddi? A wéi misst den idealen Individuum fir dech sinn?
D'Liesbeth an d'Angelique fannen, dass mir eis all äusserlech ëmmer méi ähnlech ginn. D'Reklamme mat Filmstaren a Modelle sinn net ganz onschëlleg dorun.
Fir d'Liesbeth an d'Angelique ass deen idealen Individuum awer deen, deen net esou ausgesäit ewéi all déi aner, e Mënsch deen anescht ass.
Wat et heescht en Zwilling ze sinn, ass en anert Thema mat deem sech d'Liesbeth an d'Angelique an hirer Konscht beschäftegen. Kéins du dir virstellen en Zwillingsbrudder oder eng Zwillingsschwëster ze hunn? D'Liesbeth an d'Angelique weisen an hire Wierker wéi schéin, awer och wéi schrecklech dat ka sinn. Et ass hinnen ausserdeem och wichteg ze weisen, wéi verschidde si zwee am Fong sinn.
Kuck dir d'Ausstellung am Casino un!
Wann s du Loscht hues kanns du och nach Bicher ronderëm dëst Thema am Labo, deem klengen InfoLab, kucken a liesen.
De Kevin Muhlen huet d'Liesbeth an d'Angelique invitéiert fir am Casino auszestellen.

L.A. RAEVEN
Nature's choice, 2002
© Ivan Petrovic

Daniel Jacoby – Luxembourg Golden Record

(Residenz vum 9. Januar bis de 4. Mäerz 2012, Ausstellung vum 3. Mäerz bis den 22. Abrëll 2012)

PR.JECT R:M

1977 gouf vun Amerika aus u Bord vun enger Voyager Rakéit eng Zort CD mat an de Weltall geschoss, op der all méiglech Biller, Texter a Museksstécker vun der ganzer Welt gespäichert waren. Dës CD ass matgeschéckt ginn, fir dass deen dee se villäicht eemol géing fannen, en ausserierdescht Wiesen oder e Mënsch a wäiter Zukunft, sech kinnt ukucken a lauschtere wat et dee Moment op der Welt alles vu flotte Saache ginn ass.
Den Daniel Jacoby, e jonke peruvianesche Kënschtler deen zu Barcelona a Spuenie wunnt, huet genau dat nämlecht wëlles mat Lëtzebuerg. Nee, net eng CD an de Weltall schéissen, mä awer eng CD maachen op der een all méiglech Saache vu Lëtzebuerg erëmfënnt. Well hie Lëtzebuerg net esou gutt kennt, léist hie sech vu Leit déi hei zu Lëtzebuerg wunnen hëllefen: eng Museksgrupp, e Grafiker, e Fotograf, e Schrëftsteller an nach vill aner Leit. Fir un der CD ze schaffen, treffe si sech tëschent dem 9. Januar an dem 2. Mäerz am Aquarium vum Casino. Den 2. Mäerz soll déi komesch CD da fäerdeg sinn an de Leit kënne virgestallt ginn. Wie wëll kann natierlech och scho virdru bis an den Aquarium luusse kommen a kucken ewéi esou e Kënschtlerprojet entsteet.



Daniel Jacoby
Cuculí, 2010
Courtesy l'artiste et la Galeria Toni Tàpies, Barcelone

Samschdes-atelieren

[Samschden, den 28. Januar 2012 vu 15-17 Auer]
Blannemännechers oder wéi ech mer mech virstellen…
mam Sébastien op Lëtzebuergesch

Du weess ewéi s du ausgesäis. Du kanns dech och beschreiwen. An du kanns dech bestëmmt och selwer molen. Mä kanns du dat och alles wann s du näischt gesäis? Mat verbonnenen Ae léiers du dech besser kennen: schätz du deng Gréisst, d'Längt vun dengen Äerm a Been an d'Plaz vun denger Nues richteg an? Et gëtt spannend wat zum Schluss bei dësem Portrait erauskënnt!

[Samschden, de 4. Februar 2012 vu 15-17 Auer]
Gibt den Outsidern das Kommando!
mam Katie op Lëtzebuergesch

En Outsider ass net ewéi déi aner: e gesäit anescht aus, en huet aner Interessen, e schwätzt anescht, en ësst aner Saachen... Mä wat ass dann elo méi langweileg? Anescht ze sinn, oder ze sinn ewéi all déi aner? Komm mir lancéieren en neien Trend: alles wat out war gëtt elo mega cool! Bréng eng oncool Saach mat an den Atelier, maach eppes cooles Neies doraus a stell dann däin neien Trend deenen anere Kanner vir!

L.A. RAEVEN
The height of vanity, 2008
© Photo : L.A. RAEVEN

[Samedi 11 février 2012 de 15-17 heures]
Autoportrait
avec Michelle en français

Dans le cadre de cette exposition, les sœurs jumelles L.A. Raeven nous font découvrir leurs autoportraits. L'une d'elles est grande et élégante, l'autre est petite et se déplace en béquilles. Les deux s'aiment et se détestent. De notre côté, ce sera l'occasion de faire notre autoportrait ! Et comment ? En peinture, en taille et en mesure !

[Samschden, den 18. Februar 2012 vu 15-17 Auer]
Multiple-Me
mam Tom op Lëtzebuergesch

Bass du e Meedchen, e Jong, schéin, ellen, grouss, kleng, deck, dënn, rosa, giel oder villäicht gréng? Firwat soll ee sech iwwerhaapt festleeën? Beim Tom am Atelier ass een einfach alles!

[Samschden, de 25. Februar 2012 vu 15-17 Auer]
You are beautiful
mam Katie op Lëtzebuergesch

Zesumme kucke mir eis d'Ausstellung vum Liesbeth an Angelique Raeven un a schwätzen driwwer wat fir eis alles schéin ass oder net. Sinn eis Virstellunge vu Schéinheet déi nämlecht ewéi den Zwillingsschwësteren hir oder net? Un Hand vun Zeechnunge vun eis selwer probéiere mir déi Saachen ervirzehiewen, déi mir schéi fannen. Jiddereen ass schéin, op seng Aart a Weis.

L.A. RAEVEN
Beyond the image, 2010
© Film still : Lisa Boerstra et Viewpoint Productions, Amsterdam

[Samschden, den 3. Mäerz 2012 vu 15-17 Auer]
Liewenslaf eemol anescht
mam Neckel op Lëtzebuergesch

Wéi grouss ass däi rietsen Aarm? Wéi eng Faarf hunn deng Aen? An dësem Atelier hëlt jidderee säi Kierper ganz genau ënnert d'Lupp a stellt en Zeeche-Foto-Liewenslaf-Buch zesummen, inspiréiert un den Aarbechte vun de Geschwëster Raeven.

[Samedi 10 mars 2012 de 15-17 heures]
Un peu de toi et de moi projeté sur Mars
avec Michelle en français

Inspiré par l'œuvre de Daniel Jacoby, chaque enfant va créer sa propre boîte à trésors, tout en or et destinée à être projetée sur Mars ! D'abord, nous fabriquons les objets et les images qui seront mis dans les boîtes : livre, film, passe-temps ou plat préféré… Ensuite, nous découvrons ce que chacun a mis dans sa boîte, et qui sait, peut-être veux–tu échanger un de tes trésors contre un de ton voisin ?

[Samschden, de 17. Mäerz 2012 vu 15-17 Auer]
Pantomim
mam Laura op Lëtzebuergesch

Haut gëtt net gebastelt. Haut gëtt Pantomim an Theater gespillt. Eisen Ausgangspunkt sinn d'Wierker vun L.A. Raeven. Wéi kann ech mech selwer virstellen ouni Wierder ze benotzen? Wéi kann ech engem ze verstoe ginn, dass ech frou mat him sinn, ouni eppes ze soen? Wéi weisen ech dass ech gären eppes hätt, ouni et ze beschreiwen? Wéi kann ech schwätzen ouni ze schwätzen?



© Stina Fisch

[Samschden, de 24. Mäerz a Sonndes, de 25. Mäerz 2012 vu 14-17 Auer, gratis, maximum 10 Plazen]

POP-UP

AM KADER VU *L'INVITATION AUX MUSÉES*

mam Muriel Moritz a mam Dominique op Lëtzebuergesch

E Pop-up? Wat ass dat dann? Villäicht hues du souguer schonn een doheem!?

E Pop-up verstoppt sech an engem Buch oder enger Kaart. E faalt sech auserneen oder e wibbelt hannert de Säiten. Heiansdo muss een zéien oder dréien oder drécken oder mol eng Fënster opmaachen...

Mir molen a bastelen haut zwee einfach a flott Pop-upen a pake se och nach an eng Geschicht an an e Buch, dat s du zum Schluss mat heem hëls.



© Casino Luxembourg

Vakanzen-atelieren

[Samschden, den 31. Mäerz 2012 vu 15-17 Auer]

LUXEMBOURG'S NEXT TOPMODEL

mam Tom op Lëtzebuergesch

Wäers du net och gären esou schéin ewéi d'Topmodellen um Fernseh? Ma dat ass guer kee Problem! Mir sichen dir déi schéinsten Aen, dee flottste Mond, déi zackechste Been, pechen alles zesummen an eraus kënnt den ideale Mënsch. Oder? Klappt do éieren eppes net?

[Samedi 7 avril 2012 de 15-17 heures]

MON JUMEAU ET MOI

avec Sébastien en français

On dit que les jumeaux se complètent. Liesbeth et Angelique Raeven en montrent l'exemple : l'une est sûre d'elle, l'autre dessine beaucoup, l'une est petite et l'autre est chaotique. Et toi, comment tu t'imagines ta sœur jumelle ou ton frère jumeau ? Dans l'atelier tu la/le mettras en images.

[Samschden, de 14. Abrëll 2012 vu 15-17 Auer]

EN DÉIER

mam Laura op Lëtzebuergesch

L.A. Raeven sinn heiansdo staark, schwaach, grouss, kleng, moer, dënn, krank, gesond... An du? Wéi bass du? Bass du esou staark ewéi e Bier? Esou tapfer ewéi e Léiw? Esou geheimnisvoll ewéi eng Kaz? Heiansdo wär ee gären eppes anescht. Heiansdo wär ee gären en Déier oder e Fantasiedéier. Mir bastelen eis haut aus Fimo selwer als Déier. Duerno erziele mir firwat, dass mir grad gären dat Déier wären a wat eis esou gutt u senge Schwächten a Stäerkte gefält.

[Samschden, den 21. Abrëll 2012 vu 15-17 Auer]

DE LEPORELLO

AM KADER VUN DER *JOURNÉE INTERNATIONALE DU LIVRE*

mam Stina Fisch op Lëtzebuergesch

De Leporello ass e Buch dat s du opfaals ewéi eng Zieharmonika. Du faals an dësem Workshop däin eegene Leporello. D'Stina weist dir verschidde Systemer mat deenen s du Figuren, Zeechnungen a Geschichten iwwert d'Säite kanns enstoe loossen.

[Mëttwoch, den 22. an Donneschden, den 23. Februar 2012 vu 14.30-17.30 Auer]

ECH GESINN EPPES WAT S DU NET GESÄIS...

mam Dominique op Lëtzebuergesch

Stell dir vir, et géinge keng Spigele ginn. Wéisst du da wéi deng Nues géing ausgesinn? Am Atelier probéiere mir eist Gesiicht mat den Hänn ze ertaaschten an d'Formen déi mir fillen op eis Skulptur ze iwwerdroen. Esou entsteet an deenen zwee Deeg e ganz eegene Büst (dat ass eng Skulptur vum Kapp bis bei d'Schëlleren) aus Lehm.

[Mëttwoch, de 4. an Donneschden, de 5. Abrëll 2012 vu 14.30-17.30 Auer]

GLOUBI-BOULGA KACHPROFI!

mam Leo op Lëtzebuergesch

De Casimir, e klengen Dinosaurier, ass deen eenzegen dee Gloubi-Boulga kann iessen. Et ass och säi Liiblingsiessen. A wat ëss du am léifsten? Zesumme kucke mir wat mir gären hunn a probéiere mat all deene Saachen dem Casimir e gutt a gesond Iessen ze maachen. Net richteg op der Kachplack, mä mat Faarf, Pabeier, Bild an Toun. Herno kritt jidderee säi Kachvideo heem geschéckt.

Kanner-gebuertsdags-atelieren

[vu Méindes bis Freides;
op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Italienesch
(souwäit d'Guiden disponibel sinn)]

Dauer: 2 an 1/2 Stonn; Präis: 160 €;
Maximum 12 Kanner (6-12 Joer)

KKP - KannerKonschtPass

Fir Kanner vu 6-12 Joer

Mat 25 € pro Joer hunn d'Kanner dës Virdeeler:
- gratis Entrée fir all d'Samschdesatelieren;
- 20% Reduktioun op de Vakanzenatelieren (Fuesent, Ouschteren, Päischten, Grouss Vakanz, Allerhellgen, Chrëschtdag);
- gratis Zouschécke vum KannerKonschtProgramm, dee vir all Ausstellungsperiod erauskënnt an d'Ateliere vum Casino Lëtzebuerg virstellt.

D'Eltere kënnen de KannerKonschtPass fir 25 € direkt an der Keess vum Casino Lëtzebuerg kafen. De Formulaire fir esou ee Pass ze maache kann och per E-Mail visites@casino-luxembourg.lu oder um Telefon (+352) 22 50 45 ugefrot ginn, a per Iwwerweisung bezuelt ginn. De KannerKonschtProgramm kréien d'Kanner dann heem geschéckt, en ass ee Joer gülteg vum Datum u wou e bezuelt ginn ass.

CASINO LUXEMBOURG
Forum d'art contemporain

41
RUE NOTRE-DAME
B.P. 345
L-2013
LUXEMBOURG

T +352 22 50 45
F +352 22 95 95
INFO@CASINO-LUXEMBOURG.LU
WWW.CASINO-LUXEMBOURG.LU